N°435
Entrée le 22.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vun dem Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 435 vum 7. Määerz 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

*Fro 1: U wie kënne Bierger:innen sech wenden, wann si Dreck op enger Staatsstrooss gesinn?*

Fir Dreck op enger Staatsstrooss ze mëlle, respektiv och fir all aner Reklamatioun, Meldung oder Hiweis, kann de Public Kontakt mat den zoustännege Servicer vun der Stroossebauverwaltung entweder iwwer d'Sammeladress "info@pch.etat.lu" ophuelen, oder sech direkt iwwer Telefon oder Mail un den zoustännege Regionalservice vun der Verwaltung adresséieren (www.pch.gouvernement.lu).

*Fro 2: Wéini wäert eng Botzaktioun op där Streck gemaach ginn?*

Déi éischt Botzaktioun vun de Staatsstroossen erfollegt normalerweis am Fréijoer, wann de Wanterdéngscht ausleeft an d'Vegetatiounsperiod ufänkt. Nieft dem genannte Botze vun de Stroosse sinn awer nach ganz vill aner Aarbechten, déi an de virgeschriwwenen Delaie gemaach musse ginn, ze nennen, wéi:

- d'Schneide vun den Hecken a vum Doudholz aus de Stroossebeem,
- d'Botze vun de Stroossegrief an de Waasserofleef,
- d'Botze vun Äscht, Blieder an Dreck déi op de Stroosse leien,
- kleng Reparaturaarbechten (Schlaglächer),
- d'Botzen, a faals noutwenneg d'Ersetzen, vu Kazenaen, Schëlder, Leitplanken an der Beschëlderung vu Baustellen an Deviatiounen,
- d'Méie vun de Grasflächen an den Accotementer,
- d'Nozéie vun de Grief an d'Ofdroe vun den Accotementer,
- sou wéi och d'Usträiche vu Bamréng.

Op der vum Här Deputéierten genannter Streck tëscht Rodange an Déifferdeng (CR176) gouf virun e puer Deeg den Entretien vun den Equippe vun der Stroossebauverwaltung gemaach.

*Fro 3: Wéi reegelméisseg gëtt dës Streck gebotzt?*

Am Duerchschnëtt ginn dës Aarbechten all 2-3 Méint ausgefouert. Bei verschiddene Strecken ass et awer esou, datt mei oft propper gemaach muss gi fir d'Verknaschtung ze limitéieren.

Vun der Stroossebauverwaltung gëtt awer leider oft festgestallt, datt liicht verknaschte Stroossen dozou feieren, datt d'Hemmschwell allgemeng ofhëlt an nach mei Knascht derbäikënnt.

D'Equipe vun der Stroossebauverwaltung maachen dowéinst reegelméisseg Kontrolle fir dem Knascht Meeschter ze ginn, wat sech awer leider op verschiddene Plazen als schwiereg erweist.

*Fro 4: An eisen Nopeschlänner, zum Beispill der Belsch, lafe Sensibiliséierungskampagnen, fir d'Verschmotzung vun eiser Ëmwelt ze verhënneren. Zum Beispill ginn Informatiounsschëlder laanscht verschidde Strecken gestallt.*

*Ass zu Lëtzebuerg an noer Zukunft eng weider Kampagne virgesinn, zum Beispill, andeems ee Schëlder op verschiddene Plazen opstellt, wou ee potenziell Täter nach eng Kéier informéiert, wat fir eng Strofen fir Ewechgeheien vun Dreck an d'Natur stinn?*

Genau wéi an eisen Nopeschlänner, ginn och hei zu Lëtzebuerg an deem Beräich reegelméisseg Sensibiliséierungscampagnen vun der Ëmweltverwaltung organiséiert an duerchgeféiert. Vun den dräi leschte Campagnë vun der doten Zort kann en hei Informatioune fannen:

- 2018 : Petits déchets, grande pollution : https://environnement.public.lu/fr/offall-ressourcen/types-de-dechets/Littering/campaign-2018.html
- 2019 : Offall kann déidlech sinn : https://environnement.public.lu/fr/offall-ressourcen/types-de-dechets/Littering/campaign-2019.html
- 2022 : Remix nature, but not like this : https://environnement.public.lu/fr/offall-ressourcen/types-de-dechets/Littering/remix.html

D'Ëmweltverwaltung schafft och aktuell nees un enger neier Campagne, déi Enn 2024 wäert starten. Des Campagne gëtt an Zesummenaarbecht mat der Waasserverwaltung an der Valorlux ausgeschafft.

Lëtzebuerg, den 19 Abrëll 2024

D'Ministerin fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes